1-2020-0-2-6638-01 (n°3608)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : **Jeff Engelen**

4

Tratten, de 14. September 2021

Projet de loi N° 7875

MOTIOUN

**D'Chamber vun den Deputéierten**

- constatéiert, datt elo schonn iwwer 72 Prozent vun der Populatioun zu Lëtzebuerg eng zweet Impfung géint de Coronavirus (COVID 19) krut an esouguer 82,7 Prozent eng éischt Dosis,
- erënnert drun, datt déi kollektiv Immunitéit (Herdenimmunitéit) vun der Madamm Gesondheetsminister an hirer Ried vum Dezember 2020 op "enger Impfung vu 65% bis 70% vun der Populatioun" definéiert gouf, esou wéi si dëst och an hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°3977 vum 30. Mäerz 2021 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen präziséiert huet an ass dowéinst der Opfaassung, datt déi kollektiv Immunitéit (Herdenimmunitéit) zu Lëtzebuerg aktuell erreecht ass,
- stellt fest, datt aner europäesch Staaten, an deenen och schonn vergläichsweis héich Impftauxen erreecht goufen, wéi z.B. Dänemark, hir COVID-Moossnahmen ganz oder deelweis ofschafen oder zréckschrauwen,
- ënnersträicht, datt vill COVID-Moossnamen Aschnëtter an déi perséinlech Fräiheet duerstellen, an domat, wann iwwerhaapt, nëmmen ënner aussergewéinlechen Ëmstänn a fir eng limitéiert Zäit an engem strikte rechtleche Kader kënne gëllen,
- ass der Iwwerzeegung, datt Moossnamen wéi d'Aschränkunge vun der Privatsphär duerch d'COVID-Gesetzer, de COVID-Check, d'Maskeflicht an Aneres méi kee permanente Charakter däerfe kréien a mussen, esou bal d'Ëmstänn et erlaben, esou séier wéi méiglech nees integral ofgeschaaft ginn,

**fuerdert d'Regierung op,**

- kloer Krittären ze definéieren an, esou wäit wéi méiglech, en Zäitplang festzeleeën, fir d'Covid-Moossnamen a -Restriktiounen nees integral ofzeschafen.

Jeff Engelen

**ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**